



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Abrëll 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

Déi rezent Reform vum Elterecongé hat ënnert anerem zum Zil, fir dëse méi flexibel ze maachen an et op déi Manéier och ville Pappé méi einfach ze maachen, fir méi Zäit mat hire Kanner ze verbréngen.

Menges Wëssens ass et awer esou, datt e Kand, deem säi Papp e Vollzäit-Elterecongé hält, an der Zäit vun deem Congé net duerf (weider) an eng Crèche goen. Och d'Plaz vun esou engem Kand an der Crèche gëtt während där Zäit net fir dat Kand opgehalen, ausser d'Eltere géifen an deene sechs Méint d'Crèche zum vollen Tarif weiderbezuelen. Dat wäerten awer net vill Leit sech kënne leeschten, esou datt et net sécher ass, datt et nom Enn vu sengem Papp sengem Elterecongé nees kann ouni Problem zrëck a seng Crèche goen.

Nom aktuelle Stand wier et esou, datt e Papp a sengem Choix, wéini hie säin Elterecongé wëllt huelen, aus finanziellen an organisatoresche Grënn ageschränkt géif ginn, fir „mussen“ säi Vollzäit-Elterecongé entweder direkt uschléissend un der Mamm hirem ze huelen oder kuerz éier d'Kand ageschoult gëtt, fir d'Plaz vu sengem Kand an der Crèche net ze verléieren. Aus deem Grond schéngt vill Pappen op e Vollzäit-Elterecongé ze verzichten a géinge léiwer en Deelzäit-Elterecongé wielen, deen awer net onbedéngt vum Patron muss autoriséiert ginn.

Et ass awer sonner Zweiwel wichteg fir d'Entwécklung vum Kand a fir d'Relatioun tëschent dem Papp a sengem Kand, datt d'Präsenz vum Papp beim Kand begëschtegt gëtt.

Opgroun vun dësen Iwwerleeunge wëllt ech der Madamm Minister dës Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Minister dëse Phänomen konfirméieren an, wa jo, wat sinn déi Moosnamen, déi si wëllt huelen, fir dëse Problem ze léisen?
2. Ass et méiglech Dispositiounen virzugesinn, fir d'Plaz vun engem Kand an enger Crèche fir déi Zäit opzuehalen, an där säi Papp e Vollzäit-Elterecongé wëllt huelen?

3. Wär d'Madamm Minister averstanen, fir zu deem Zweck flexibel Regimier ze erlaben, zum Beispill esou datt et sollt méiglech sinn, datt e Kand eemol an der Woch kann an d'Crèche goen, och wa säi Papp e Vollzäit-Elterecongé huet? Wär et op déi Manéier net méi einfach, fir eng weider/nei Adaptatiounsphas vum Kand z'evitéieren, déi ëmmer mat villen Emotiounen op Säite vum Kand an awer och op Säite vun den Eltere verbonnen ass?
4. Op individuell Ufro bei der Zukunftskeess ass et och elo scho méiglech, géint d'Enn vun engem Elterecongé ze erlaben, datt e Kand an enger "Adaptatiounsphas" vun e puer Wochen nees an eng Crèche geet – wann eng Plaz fir hatt sollt op sinn. Wien hält déi Decisioun an opgrond vu wéi enge Prinzipien a Kritäre ginn dës Decisioun geholl? Ass dat objektiv, novollzéibar an transparent? Wéi dacks ass dat bis elo schonn autoriséiert, respektiv net autoriséiert ginn? No wéi enge Modalitéite geschitt dat? Ass et méiglech déi Modalitéiten den individuelle Besoine vum Kand unzepassen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten